



■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Ech wollt eng Kéier zrëckkommen op d'Proposition vum Här Di Bartolomeo, deen ...

(Interruptions)

Den Här Gilles Baum huet d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Ech widderhuelen, wat ech am Ufank gesot hunn: Mir sinn an enger extreemer Situatioun. Ech verstinn awer, wann de Claude Wiseler hei uewe steet oder och d'Madamm Hansen, dass se soen: „Mir müssen eis awer Zäit huelen, fir dat do ze maachen.“ Ech muss lech elo soen: Ech hätt elo kënnen d'Sëtzung véier Stonnen ënnerbriechen oder den Owend maachen, dann hätt een Zäit gehat. Ech verstinn awer, wa gesot gëtt: „Ech brauch och nach vläicht mar de Moien, fir mech wierklech dranzeknéien, fir wierklech ze kucken, ob déi Punkten, déi an der Santéskommission nach net honnertprozenteg waren, verbessert gi sinn, ob mer wierklech e gudden Text hunn an net“, wéi den Här Wiseler hei uewe scho mol gesot huet, „e schludregen Text.“

Ech mengen, et soll eis alleguerten dru geleeë sinn, dann en Text ze hunn, wou sou vill Leit wéi méiglech heibanne kënnen derhannentstoen. An da solle mer och elo vläicht keng Kampföfstëmmung maachen, ob mer dat elo haut maachen oder ob mer eis Zäit huelen, fir et mar de Mëtten ze maachen. Dofir géif ech lech dann am Numm vum der Demokratescher Partei soen, dass mer dermat averstane sinn, fir et da mar de Mëtten ze maachen.

(Interruptions et brouhaha)

Oder mar de Moien. Mar de Moien oder mar de Mëtten. Wann Der mar de Moien nach wëllt ...

(Brouhaha)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir kënnen ... Mir maachen eng Santéskommissionssëtzung.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Okay!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Okay, merci villmools, Här Baum. Ech wëll dann d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir de Projet de loi 7683 vum Ordre du jour erofzehuelen an dann eng nei Sitzung fir mar de Moien eventuell oder mar de Mëtten, wéi dann eeben d'Gegebenheeten et wäerten erginn, ze fixéieren an dann awer ze kucken, dass mer am Interêt vu Land a Leit esou séier wéi méiglech déi Ziler, déi mer wëlle mat deem Gesetz erreechen, kënnen erreechen.

Den Här Di Bartolomeo, wannechgelift.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Merci och de Kollegen a Kolleginnen alleguer. Ech géif dann och proposéieren, dass mer déi Kommissionssëtzung vum der Santé mar de Moie per Visiokonferenz um 8.00 Auer maachen. Dann huet jiddwereen Zäit, fir a Rou déi Texter iwwert den Owend ze kucken, an dann, mengen ech, si mer safe.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Une voix.**- An da komme mer heihinner ...

(Brouhaha)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo, mir kënnen ... Nee, mir kënnen ... Mir kënnen se och hei maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Di Bartolomeo.

Vote sur la modification de l'ordre du jour

Da froen ech d'Chamber nach eng Kéier, ob se d'accord ass mat dëser Ofännerung vum Ordre du jour, fir de Projet de loi 7683 vum Ordre du jour ze huelen.

Wien d'accord ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Dann ass et esou decidéiert.

5. 7684 - Proposition de loi portant dérogation temporaire à l'article 3, paragraphe 5, de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

7685 - Proposition de loi du 21 octobre 2020 modifiant la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, et supprimant la limite du nombre maximal de lits pouvant être autorisés au niveau national

7686 - Gesetzesvorschlag Ännerung vum Art. 271 vum Code de la sécurité sociale

7687 - Proposition de loi portant modification de la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État

Déclarations de recevabilité

An hirer Reunioun vum 27. Oktober 2020 huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vu véier Propositions de loi, déi den 21. Oktober 2020 depouéiert goufen, ausgeschwat. Et handelt sech ëm

d'Proposition de loi 7684 iwwert de Wunnengsloyer, déi vun den Här Marc Baum an David Wagner deponéiert gouf, d'Proposition de loi 7685, eng Ofännerung vum sougenannte Spidolsplang, déi vum Här Jeff Engelen deponéiert gouf, de Gesetzesvorschlag 7686, eng Ännerung vum Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale, dee vum Här Fernand Kartheiser deponéiert gouf, a schliisslech d'Proposition de loi 7687, en Ännerungsvorschlag zum Gesetz iwwert d'Organisation vum Staatsrot vum 16. Juni 2017, déi vum Här Léon Gloden depouéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Vorschlag vun der Präsidentekonferenz un, dës véier Propositionen de loien als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. Octroi d'un titre honorifique à M. Gast Gibéryen et à M. Marco Schank

A senger Reunioun vum 16. Oktober 2020 huet de Bureau opgrond vun den Artikelen 193 an 195 vum Chambersreglement virgeschloen, de fréieren Députéierte Gast Gibéryen a Marco Schank den Éierentitel vum hirer Funktioun zouzeerkennen.

Ass d'Chamber mat deem Vorschlag averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Deenen neien Éierendeputéierten eis Felicitationen!

7. 7689 - Projet de loi portant dérogation temporaire à l'article L. 211-12 du Code du travail

Mir fänken dann den Ordre du jour vun haut de Mëtteg u mam Projet de loi 7689, enger Ofännerung vum Aarbechtsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Et handelt sech hei ëm de Projet de loi 7689, deen de Code du travail op verschiddene Punkten ëmännert. An et handelt sech hei och ëm e Projet, deen nach waarm ass. Hei ass de Rapport.

(M. Georges Engel montre un document.)

Deen hutt Der och nach net laang. Deen ass awer an der Kommission en tous détails diskutéiert ginn an esou ginn ech emol dovun aus, dass mer deen dann och hei kënnen stëmmen. Well et gëtt och heizou eppes ze soen. Dat ass awer eng Ännerung vum Code du travail, déi substanzuell ass, déi eppes ka bewierken an déi een och net einfach esou mécht.

Déi exponentiell Erhéijung vun der Unzuel vun deenen neien Infektiounen mam Covid, déi bréngt et mat sech, dass een nämlech aussergewöhnlech Moossname muss huelen. An d'Regierung huet wichteg Entscheedungen a verschiddene Beräicher missen huelen, an dëst och am Beräich vum Aarbechtsrecht. Dat sinn ni einfach Decisiounen, déi och vill kommentéiert ginn, déi awer onbedéngt noutwendeg sinn.

De Gesetzesprojet mat der Nummer 7689 betrëfft eng zäitlech begrenzten Ofännerung vun deem Aarbechtsrecht. Heimat gëtt u sech eng preventiv Moossname geholl, fir de gudden Fonctionnement vu verschiddenen essenziellen an onverzichtbare Beräicher ze garantéieren. De Gesetzesprojet, deen erméiglecht nämlech eng limitéiert Hausse, an zwar bis den 31. Dezember vum dësem Joer, vun der Aarbechtszäit fir verschidde Secteuren, an dëst op zielef Stonnen den Dag respektiv maximal 60 Stonnen d'Woch.

Hei gëllt et ze ënnersträichen, dass dëst net fir alleguer d'Secteuren ass. Dat gëllt just fir ganz spezifesch Secteuren, an dat an éischter Linn fir de Gesondheetssektor, fir den Hëllef- a Flegesektor inklusiv Spidolsaktivitéiten an déi medezinnesch Analyselaboratoire souwéi och d'Iwwerwachungsaariichtungen fir Mannerjäreger, déi an enger Mesure dohinner gesat goufen. An et gëllt zum Beispill net - wou och scho grouss Opreegung war - fir aner Betriebsstrukturen, wéi Maison-relais; fir déi gëllt et dann och net.

Et gëllt hei, déi Secteuren um Liewen ze halen, well dat sinn essenziell Secteure fir eis alleguerten. An et trëfft hoffentlech keen! Hoffentlech muss mer déi Mesuren hei net en place setzen, dass se müssen direkt ëmgesat ginn. Mee si müssen en place gesat ginn, fir datt mer kënnen, wa mer se missten aktivéieren, fir datt mer dann och d'Gesetzlech Méiglechkeeten hunn.

De Repos journalier an hebdomadaire, deen ass heimadder och net ausser Kraaft gesat. Och dat

muss ee soen. Zousätzlech gëllt et och ze bemerken, dass dëst och just mat enger spezieller Autorisation vum Aarbechtsminister méiglech ass. Eng Demande muss do gemaach ginn, wou dann och den Accord vum Aarbechtsministère muss virleien. Esou kann den Aarbechtsministère dann och kucken, wien datt déi kritt an ob hei kee Mëssbrauch gemaach gëtt.

Eng änlech Moossname ass och während dem État de crise iwwer Règlement grand-ducal geholl ginn. A wéi eis den Avant-projet de loi de Méinden an der Aarbechtskommission virgestallt ginn ass, du gouf och vum Aarbechtsminister bestätegt, dass deemools d'Zuel vun den accordéierten Demandé ganz iwwersichtlech war. An d'Députéiert hunn oder kréien an den nächsten Deeg och déi Lëscht geschéckt vun deenen, déi dat ugefrot hunn an och accordéiert kruten. An do gesitt Der drop, dass et haaptsächlech och deen heite Secteur ass, deen et betrëfft, niewent nach zwou, wat mengen, et waren zwou Sécherheetsfirmaen, déi och dat gefrot hunn, well se och essenziell Saachen hu missen du bewaachen.

Wéinst dem Zäitdrock, dee mer alleguerten elo hunn, a wou mer och gesinn, dass et wierklech derwäert ass, fir dat do séier ze maachen, sinn natierlech d'Avis vum de Chambres professionnelles net erakomm. Dat ass natierlech ze verstoen. De Staatsrot huet en Avis ginn, e favorabelen Avis, mat e puer Ännerungen, haut de Mëtteg och. En ass op e puer Punkten agaan, wat mer konnten an der Kommission iwwerhuelen. Aneres hu mer net iwwerholl. Et sinn och eng Rei Froen gestallt ginn, déi zum Deel och an der Kommission konnten direkt beäntwert ginn.

Mir sinn eis bewosst - an dat misst och jiddwereen heibanne sinn an dat ass och jiddwereen heibannen -, dass dës Kris net eriwuer ass. A mir hunn am Moment och keng Garantie, wéi et weidergeet. An duerfir sinn och aussergewöhnlech Mesuren erfuerdert.

Mir wëllen och net, dass d'Aarbechtsbelaaschtung negativ Konsequenzen op d'Leit kritt. An duerfir ass et eis och wichtig, dass dëst Gesetz u sech eng preventiv Moossname ass, déi dann och zäitlech limitéiert ass an déi och just do agesat ka ginn, wou déi onverzichtbar Beräicher musse funktionéieren. Hei gëtt et dann eeben och d'Kontroll vum Aarbechtsminister, deen da kuckt, ob dat alles rechtens ass. An dofir ënnerstëtze mer natierlech och déi Moossname.

Et trëfft leider oft déi, deene mer oft owes um 8.00 Auer Merci gesot hunn, andeems mer eis virun d'Dier gestallt hunn a geklappt hunn. An ech hoffen net, dass op dëst Gesetz muss eng Kéier zrëckgegraff ginn. Mee wann et drëms geet, fir déi essenziell Beräicher ze schützen a funktionéieren ze dinn, müssen och aussergewöhnlech Moossname geholl ginn. Dat hei ass eng dovunner.

An ech soe jiddwerengem e grouse Merci, dee geholle huet, dëse Projet hei op d'Schinn ze setzen, well och hei ass mat ganz héijem Drock geschafft ginn. Et ass ganz séier geschafft ginn: De Méinden ass de Projet virgestallt ginn an haut gëtt en an dëser Chamber gestëmmt. Och do gesäit een awer, dass dëst Parlament ganz séier ka reagéieren, wann et muss sinn. An duerfir och jiddwerengem merci, dee konstruktiv hei matgeschafft huet!

Ech ginn domadder och den Accord vum der LSAP. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Rapporteur, dem honorabelen Här Georges Engel. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech natierlech dem Rapporteur Merci soe fir säi schréfftlechen an och mündleche Rapport. An en huet Recht: Och dëse Rapport ass ënner engem bestëmmten Drock geschriwwen ginn.

Schonn am État de crise hat d'Regierung eng éischte Kéier decidéiert, déi allgemeng gëlteg maximal Aarbechtszätregele vun 10 Stonnen den Dag an 48 Stonnen d'Woch op 12 respektiv 60 Stonnen an d'Luucht ze setzen. Haut proposéiert d'Regierung op en Neits, Ausnameregelungen an deem Beräich anzeféieren.

Jo, mir befannen eis momentan nach ëmmer an enger sanitärer Kris, do ass keen Zweifel. D'Zuele schwätzen do eng ganz däitlech Sprooch. Dir Dammen an Dir Hären, et ass also vun enormer Wichtigkeit, d'Leit selon les règles de l'art ze betrieien, déi vum Virus befall sinn. An duerfir brauche mer ganz kloer dat néidegt Personal.

Mir verstinn duerfir och d'Zilsetzung vun der Regierung. Et ass och eist Uleies, all de Patienten déi beschtméiglech Prise en charge ze garantéieren. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens. An duerfir ass et wéineg hëllefträich, déi schonn ugespaanten Aarbechtsbedéngungen am Gesond-

heets- a Flegesektor nach ze verschlechteren. Mir wëssen, dass Leit aus dësen zwee Secteuren spéitstens säit dem 16. Mäerz an extremer Alarmbereitschaft sinn.

Mat dem Regierungsprojet treffe mer also genau déi Leit, déi schonn déi ganz Zäit u viischer Front - ganz kloer u viischer Front - dem Virus d'Stier bidden, an dat mat engem enormen Engagement. Et sinn déi Leit, déi net nëmmen d'Infektiounszele liesen, nee, et sinn déi Leit, déi ganz konkret se Dag fir Dag erliewen. Et sinn déi Leit, déi hire Congé an och de Repos zu groussen Deeler gestrach kruten, pour raisons de service, am Dénagscht vun der Allgemengheet. Et sinn déi Leit, déi riskéieren, an dëser permanenter Surcharge, ënnert dësem permanenten Drock e Feeler ze maachen an haftbar gemaach ze ginn. An onofhängeg vum Ausgang vun der Saach, ob dann e Geriicht verurteilt oder net, droe si ganz aleng dës moralesch Bürd, déi och keen hinne kann ewechhuelen.

Et sinn och déi Leit, déi och aus Grënn vun Erschöpfung ëmfale wéi d'Mécken, wann een effektiv rezent Norichte gelauschert huet. Wat dës Leit leeschten, ass enorm, dass wësse mer alleguerten, an dat ënner schwierigste Bedéngungen, mental wéi och physesch!

Jo, dat verdéngt Unerkennung. Mir alleguerte sinn hinne schëlleg, eis esou ze verhalen, dass sech de Virus net nach weider onkontrolléiert vrespree. Mir sollen also responsabel handelen an hinnen ee groussen, grouse Merci soen!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Text ass awer kee Merci. Mir brumme genau deene Leit, déi an de leschte Wochen a Méint Aussergewöhnlech geleescht hunn, nei maximal Aarbechtsstonden op. Jo, dat kënnen mir als CSV net matdroen. Fir eis sollten alternativ Weeër prioritär an d'A gefaasst ginn. Et gëtt jo Stëmmen, déi sech staarkmaachen, fir d'Réserve sanitaire ze mobiliséieren. Jo, dat kéint eventuell eng Pist sinn.

Mir stellen awer och fest, dass et eng ganz Retsch Leit am Gesondheets- a Flegesektor gëtt, jo, déi momentan keng ganz Tache ausüben. Et sollt een dës Leit schnellstméiglech kontaktéiere fir ze kucken, ob se net bereet wieren, iwwergangsméisseg hiren Aarbechtspensum eropzesetzen. An dat géif natierlech, jo, och derzou féieren, dass eng Rei zousätzlech Stonne kéinte prestéiert ginn. Dëst soll natierlech op fräiwëlleger Basis geschéien.

Weider sollt ee Schüler aus dem Gesondheetssektor, zum Beispill aus dem BTS Allgemeng Fleg, mobiliséieren. Eisen Informatiounen no wieren dat ronn 50 Leit. Och esou kéint ee weider Ressourcë fräimaachen am Kampf géint de Virus.

Et gëtt och nach aner Pisten, wéi zum Beispill d'Fleegepersonal vu sengen administrativen Aufgaben zum Deel fräizemaachen. Och hei wieren eng ganz Rei Stonne méi disponibel, fir direkt un der Front matzehëllefen, d'Leit ze fleggen.

En Unhiewe vun der maximaler Aarbechtsdauer dierft deemno absolutt eréischt a leschter Instanz, och virum Hannergrond ganz einfach vun enger enormer Belaaschtung an de leschte Méint, a Fro kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gewerkschaften soen et scho ganz laang, an och mir net manner haart: „Dës Kris dierf net um Bockel vum Gesondheetspersonal ausgedroe ginn! Seng mental a physesch Gesondheet muss geschützt ginn!“ Déi virleend Ausnamereegelunge widdersprechen an eisen Ae fundamentalen aarbechtsrechtliche Prinzipien. Op deem Punkt deele mir iwwregens och d'Meenung vun de Jonk Sozialisten.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Mir sinn der Meenung, dass d'Dammen, fir kënnen op zielef Stonne respektiv 60 Stonnen eropzegoen, strikt encadréiert mussen sinn. An dat huet näischt mat Paragrafereiderei ze dinn. Et geet ëm d'Wuel vum medezinnesche Personal, am Sënn vun enger beschtméiglecher Prise en charge vum Patient.

An op deem Plang ass de virleenden Text net zefriddestellend. De Minister, entschëllegt fir dat ze soen, mee de Minister verkënn, wéi de Staatsrot et tëschent den Zeilen ausdréckt, zu enger einfacher Boîte aux lettres. Hien dierf de Bien-fondé vun den Demanden net appreciéieren. An an deem Sënn verstie mer och ganz kloer d'Bedenke vun de Gewerkschaften.

Et ass fir eis och net nozevollzéien, firwat déi ministeriell Autorisation, wa se dann ausgestallt gëtt, mir näischt dir näischt bis den 31. Dezember 2020 Gëltegkeit soll hunn. Op där enger Säit stëmme mer en neit Covidgesetz mat neie Restriktionen, jo, déi eng Dauer vun engem Mount hunn, an der Hoffnung, dass doduerch d'Verbreedung vum Virus wäert kënnen agedämmt gi sinn. Op där anerer Säit soll déi ministeriell Geneemegung awer an dësem Fall am Sënn vun enger zousätzlecher Aar-